Dir Dammen an Hären

Kollegen aus dem Gemengen- a Schäfferot

Léif Delegéiert a Vertrieder vun den Enrôlés de Force, der LPPD an de Gewerkschaften

Ech ginn dovunner aus, datt Dir mat mir eens sidd, datt d'Geschicht vun der Schëfflenger Gemeng enk mat de Schicksalsjore.n vum Zweete Weltkrich verbonnen ass. Et wor eng däischter Zäit, déi mat vill Leed fir d'Schëfflenger Famillen verbonnen a.n besonnesch duerch d'Deportatioun an den Enrôlement forcé geprägt war.

Vill Tréinen a Blutt si gefloss. D'Lëtzebuerger an domat och vill Schëfflenger hunn e grujelege Calvaire erlieft. Och dëst Joer gedenkt eis Gemeng – zwar an engem gaanz klenge Kreess – zesumme mat den Delegéierte vun de Krichsaffer- a Resistenzorganisatiounen – hei op der Fräiheetsplaz de Victimes vum Zweete Weltkrich.

A mir soe Merci fir hiren Engagement, hire Courage, sech standhaft a konsequent géint de Naziregime ze weisen.

Mir wëllen domatter och d'Erënnerung un dës däischter Zäit waakreg halen ... a verstinn eise Rendez-Vous vun haut vrun allem och als Zeechen an besonnesch als Appel ëmmer nees géint all Form vun Intoleranz, Diskriminatioun, Repressioun, Terror a Gewalt virzegoen – wou ëmmer och dës Ongerechtegkeeten a Situatiounen sech manifestéieren!

Den 30. August 1942 huet de Gauleiter Simon "d'Wehrpflicht" zu Lëtzebuerg proklaméiert, woubäi eben de „Wehrmachtzwang der Luxemburger und die Soforteinziehung von fünf Jahrgängen festgehalten wurde!"

Et wor dëst och eng Reaktioun op de mëssgléckte Versuch d'Lëtzebuerger ze germaniséieren.

Och den Opruff sech fräiwëlleg an d'Wehrmacht ze melden wor bekanntlech een Echec op der ganzer Linn! Dat alles huet dozou gefouert, datt den éiergäizegen a schrecklech rosenen Gauleiter Simon dunn d'Wehrpflicht proklaméiert huet.

De verlängerten Aarm vum Gauleiter wor e gewëssene Bruno Karl August Jung, responsabel fir déi völkerechtswiddreg Zwangsrekrutéierung vu jonke Lëtzebuerger an d'Wehrmacht an och zoustänneg fir den Zwangsdéngscht vu jonke Lëtzebuergerinnen "ins Deutsche Reich" ze organiséieren.

Seng amtlech Bekanntmachung mat dem folgenden Wortlaut: „Wer seiner Meldepflicht nicht, oder nicht pünktlich nachkommt, wird unnachsichtlich (sic) bestraft. Er hat schwerste Strafe zu gewärtigen!"

D'Lëtzebuerger an hirer gréisstméiglecher Majoritéit hunn dat alles – dësen nationalsozialistesche Coup de Poing mat Affolement, Aangscht a Roserei zur Kenntnis geholl.

D'Reaktioune woren net ausbliwwen. Mat engem Streik op der Schëfflenger Schmelz hunn sech d'Aarbechter am Süden gewiert, gläichermossen ass sech am Norden zu Wolz, Ettelbréck an Dikrech gewiert ginn.

All dës Aktioune woren ouni Zweiwel een Zeechen, datt d'Lëtzebuerger hir Identitéit an hir Heemecht net verkafe wollten.

Et wor gläichermoossen awer och en Zeechen un d'Naziën endlech domatter opzehalen "Luxemburg zum Deutschtum zu bekehren."

Déi deemools modern an hannerlëschteg Propagandatechniken hu versot an d'Roserei doriwwer wor grouss! Leider och den Terror mat Standgeriicht, Hiriechtungen, Déportatioun a Konzentratiounslager ...

„Streik op der Schëfflenger Schmelz", dës Schlagzeil huet ueschtert d'Welt d'Ronn gemeet. Den Zentrum an Ausgangspunkt vom Streik an der Lëtzbuerger Stolindustrie wor an der Walzendréierei, wou den Eugène Biren schonns deeglaang vun engem däitleche Zeechen géint den Hitler geschwat huet.

Mat gläichgesënnte Kollegen huet hien eng limitéiert Aarbechstnéierleeung geplangt. 31. August 1942 ... Punkt 18:02 Auer koum d'Signal zum Streik.

Dëse „Generalstreik" vum 31. August 1942 ass e wichtegen Punkt an der Geschicht vun eisem Land.

Allerdéngs de couragéierte Streik war den Nazien en Dar am A ("ein gewagter Dolchstoss in den Rücken unseres Gauleiters!" – huet et geheescht!): den zivillen Ausnamezoustand gouf deklaréiert, d'Streikaktioun gouf am Keim erstéckt an 21 Männer si kalbliddeg higeriicht ginn, vill Anerer, déi um Streik deelgeholl hunn, si vum Standgeriicht ofgeuerteelt an a Prisonge oder Kazetter verschleeft ginn.

Wéi gesot, déi gaanz Streikaktioun huet dem Gauleiter Simon besonnesch zougesat an aus Angscht virun engem wierkleche Generalstreik huet de Nazigauleiter "just" aacht Jorgäng 1920 bis 1927 an d'Wehrmacht anzéie wëllen, (et wore spéider just 1920-1924!), während am Elsass 19 an a Loutringen 13 Jorgäng zwangsrekrutéiert goufen.

De Gauleiter Simon wor besiess fir e kloeren an onmëssverständlechen Akzent ze setzen. Hie wollt dem Hitler weisen, datt hie mat haarder Hand reagéiert!!

15 409 jonk Männer hu sech der Musterung (dem Test de sélection militaire) misse stellen, 10 211 goufen agezunn, dovunner huet bal een Drëttel mat groussem Risiko desertéiert oder sech verstoppt.

Dat alles an nach vill aner Momenter, oft schrecklecher, verbanne mir mat der däitscher Occupatioun. De Streik an déi vill aner Reaktiounen woren den Ufank vun engem Kampf mam Zil sech géint de Fanatismus an d'Ënnerdréckung oder d'Drangsaléierung vun den Nazien ze wieren ...

... an et huet de Glawe gestäerkt, datt Lëtzebuerg eng eegestänneg a fräi Natioun soll bleiwen, an och seng Onofhängegkeet behale wëll, coûte que coûte! An den alliéierte Länner ass dat alles net op daf Oure gefall – am Géigendeel!

Haut gedenkt eis Gemeng zu Recht - zesumme mat den Delegéierte vun den Krichsaffer- a Resistenzorganisatiounen, de Gewerkschaften – hei op der Fräiheetsplaz dëse Victimen. Mir soe Merci fir hire Courage a wëllen och d'Erënnerung un dës prägend Evenementer waakreg halen.

Dat alles och besonnesch aus Respekt vis-à-vis vun der LPPD an der Enrôlés de Force.

Et ass a bleift fir déi kommend Generatioune wichteg, dass un d'Schlësselmomenter vun der Besatzung an déi grujeleg Doten aus der Nazi-Schreckenszäit erënnert gëtt, fir datt sech dës Evenementer net méi (oder ni méi) widderhuelen.

Den 31. August deemno een Datum mat Symbolcharakter, een Dag vu grousser Trauer sécherlech, mat batteren Erënnerungen, .... allerdéngs och een Dag vum Opbroch a vun Hoffnung. En Daag, deen net an de Vergiess dierf falen. Dofir si mir als Gemeng beméit dësen Dag héich ze halen.

D'Nimm vum Hans Adam a vum Eugène Biren, awer och vum Albert Wingert, Wenzel Profant, Raymond Arensdorff an Jean Doffing sti mat villen aneren heroeschen Helden als Symbol fir den Asaz fir Fräiheet an Onofhängegkeet.

Mir erënneren eis haut zu Recht – och wann et iwwer 75 Joer hier sinn – mat Dankbarkeet un déi, déi hiert Liewe verluer hunn, déi déportéiert, déi enroléiert, déi drangsaléiert, geschloen a gedemütegt goufen …

Déi Lëtzebuerger, a besonnesch déi Schëfflenger, déi eigentlech fir méi gestuerwe si ewéi fir dee Streik, ... hunn et **net** verdéngt, dass d'Indifférence sech lues a lues ging breet maachen an alles wat si fir d'Fräiheet vun eisem Land gemaach hunn, an de Vergiess géif geroden.

Fir dat alles och weiderhin ze garantéieren ass d'Iddi opkomm "e lokale Comité du souvenir" an d'Liewen ze ruffen, dëst besonnesch mam Bléck op déi vill Commémoratiounsmomenter, déi an eiser Gemeng – op elo vun der Ligue vun de politesche Prisonnéier an Deportéierten LPPD oder den Enrôlés de Force oder der Gemeng selwer – organiséiert an ofgehal ginn.

Si all setzen ëmmer nees e wichtegt Zeeche fir deenen ze gedenken, déi eist Land, fräi an demokratesch, solidaresch a mënschegerecht opgebaut an entwéckelt hunn.

Dat muss esou bleiwen, allerdéngs ass dat keng Selbstverständlechkeet, neen dat ass eng Erausfuerderung, déi mir ëmmer nees unhuele mussen. Fräi nom Motto: Verzeie jo, vergiessen neen!

De Streikgedenkdag ass e Stéck Schëfflenger Geschicht, et ass een Deel vum Patrimoine vun eiser Gemeng, a mir engagéieren eis jo iwwer de Schäfferot eraus dëse Patrimoine ze erhalen: – de Musée vum Schmelzaarbechter an dem Pompelhaus ënnerzebréngen ass a bleift eng konkret Iddee.

Mir sinn eis och eens, datt an esou engem Musée d'Schmelz selwer, de Schmelzaarbechter a seng Famill vrun allem, de Stellenwäert an d'Liewe vum Schmelzaarbechter gehéiert, allerdéngs och d'Geschicht vun der Eisen- a Stolindustrie tout court gehéiert doranner ...

... a natierlech och d'Geschicht vum Streik, d'Evenementer ronderëm den Zweete Weltkriich, esou datt och eise lokale Musée iwwer de Krich, d'Resistenz, d'Deportatioun an den Enrôlement nees eng nei Plaz ka kréien.

Net ze vergiessen déi vill aner Mesurë mat sentier pédagogique iwwer de Krich an d'Geschicht vun eiser Gemeng, oder d'Fënster am Agaang vun der Kiirch St Martin ass eng wichteg Mémoratiounsplaz un de Streik, déi et ze erhale gëllt.

Gläichzäiteg soll eis Commémoratioun drun erënneren, datt de Fridden, dee säit dem Enn vum Krich an Europa besteet, keng Selbstverständlechkeet ass, datt de Fridden och fragil ass, an datt et op dëser Welt ëmmer nach Misär, Leed, Nout a Krich gëtt.

D'Situatioun a Wäissrussland ass eent vu ville Beispiller, wou sech staark gemeet gëtt fir eng lieweg an echt Demokratie opbauen.

De Problem vum Rassismus, vun der Xenophobie, d'Problematik vun der grousser Flüchtlingswelt ueschtert d'Welt, de Krich a Syrien, den Terror an d'Deportatioun an dat forcéiert Verschwanne vu Leit, den Dout oder de Mord u Journalisten sinn nëmmen e puer weider schrecklech Beispiller, déi hei opgezielt, erwähnt kënne ginn.

Mir liewen am Fridden a Wuelstand, wuel wëssend awer och, datt den Asaz fir sozial Gerechtegkeet ni dierf nolosssen, datt et ëmmer nees gëllt de Mateneen vun Natiounen, Reliounen, Konfessiounen, Rassen a Kulturen ze stabiliséieren mat neien Brécke, déi et gëllt ze schloen.

Nach e leschte Gedanken, fräi iwwersat vum Fransesco Petrarca – en italienesche Literat:

E puer grouss Feinde vum Fridden, déi an eis wunnen sinn falsch Ambitiounën, penibel Jalousie an den absoluten Drang zur Muecht, ongebremste Roserei an iwwerdriwwen Iwwerhieflechkeet.

Awer och d'Violence an d'Intoleranz.

Wa mir dës Feinde verdreiwen, dann dierfe mir Fridde genéissen.

Dat alles a nach vill méi sinn d'Appeller vun haut: Net vergiessen, wat geschitt ass, ... déi éieren, déi sech fir Fridden a Gerechtegkeet staark gemeet hunn, ... a sech virun Aa halen, datt Näischt op dëser Welt selbstverständlech ass, schonns guer de Fridden an Gerechtegkeet.

Merci fir Äer Präsenz.

Merci fir Äeren Engagement fir Fridden a Gerechtegkeet.

Merci ... bleift gesond.